N°617
Entrée le 16.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.04.2024
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

De Paiement immédiat direct (PID) fënnt net säin erhofften Erfolleg. Zënter dem Start hu ganz wéineg Dokteren an Zänndokteren den Uschloss un de PID maache gelooss (laut den Artikele vum 100komma7 vum 28. Februar an 8. Abrëll). Am Moment kann de PID nëmme mat der Software *Emed* vun der Firma *Maveja Software Solutions Luxembourg* gemaach ginn.

An dësem Kontext géing ech der Regierung gär follgend Froe stellen:

1) Wéi vill Dokteren a wéi vill Zänndoktere benotzen dës Software haut iwwerhaapt schonn zu Lëtzebuerg?
2) Ass déi Software gëeegent fir all Spezialisatiounen ënnert den Dokteren/Zänndokteren? Deckt si all d'Besoine vun de verschiddene Spezialisatiounen oder sinn d'Dokteren/Zänndokteren da gezwongen, mat zwee Programmer ze schaffen, fir hir dagdeeglech Aarbecht kënnen ze maachen?
3) Duerch de PID kënnt et zu enger duebeler Comptabilitéit fir d'Dokteren/Zänndokteren (Verrechnung mat de Patienten, Verrechnung mat der CNS). Dëst féiert zu enger zousätzlecher administrativer Charge a weiderem Zäitopwand bei den Dokteren/ Zänndokteren an/oder hire Mataarbechter. Wat gedenkt d'Regierung am Kader vun der „Simplification administrative" an deem Sënn ze maachen?
4) Laut der Äntwert vun der Madamm Gesondheetsminister op d'parlamentaresch Fro N°420 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement, läit den Delai momentan bei 46 Deeg bis zum Remboursement vum Patient. Wéi ass beim PID momentan den Delai bis den Dokter/Zänndokter seng Déngschtleeschtung bezuelt kritt? Wéi een Delai gëtt sech theoretesch erwaart, wann all d'Dokteren an Zänndokteren de PID asetze géingen? Garantéiert d'CNS e gewëssen Delai beim PID, vu datt d'Dokteren/Zänndokteren am Prinzip d'Sue fir hir Déngschtleeschtung virstrecken?
5) Am Kader vum PID geschitt den Austausch vun de Patientendonnéeën tëscht dem Dokter/Zänndokter an der CNS, an net wéi bis elo tëscht dem Patient an der Krankekeess. De Patient ass awer den eigentlech Versécherte bei der Krankekeess an decidéiert selwer, wat hien erareeche wëll oder der Krankekeess matdeele wëll. Gëtt am System vum PID de Patient net iwwergaang an ass dat GDPR-konform?

6) Consideréiert d'Regierung, fir op dee vun der AMMD (Associatioun vun den Dokteren an Zänndokteren) ausgeschafften DHN (Digital Health Net) zeréckzegräifen? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

N°617
Entrée le 31.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 617 vum 15. Abrëll 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1. Wéi vill Dokteren a wéi vill Zänndoktere benotzen dës Software haut iwwerhaapt schon zu Lëtzebuerg?*

De PID kann och mat anere Softwaren ëmgesat gi wéi just mat där vun der Firma Maveja Software Solutions. Aktuell hu fënnef Softwaren eng Attestation de conformité fir de PID vun der Agence nationale des informations partagées dans le domaine de la santé ausgestallt kritt. Déi aktualiséiert Lëscht kann zu all Moment op follgendem Internetsite konsultéiert ginn:

https://www.esante.lu/portal/fr/industriels/logiciels-labelises-ra-pid-477-730.html

Laut den Informatioune vun der CNS, benotzen op den 21. Abrëll 2024, 111 Dokteren de PID, dorënner 18 Zänndokteren.

*2. Ass déi Software gëeegent fir all Spezialisatiounen ënnert den Dokteren/Zänndokteren? Deckt si all d'Besoine vun de verschiddenen Spezialistatiounen oder sinn d'Dokteren/Zänndokteren da gezwongen, mat zwee Programmer ze schaffen, fir hir dagdeeglech Aarbecht kënnen ze maachen?*

Wéi scho bei 1. erklärt, gëtt et méi wéi eng Software déi PID konform ass.

Zanter dem 19. Mäerz 2024 stinn d'Déngschtleeschtunge vum PID allen Dokteren an Zänndokteren zur Verfügung. A wéi wäit des Servicer an de Logiciel de gestion vun de verschiddene Cabinets agebonne ginn, ass de jeeweilegen Dokteren iwwerlooss. De Service ass awer esou concipéiert dass keen 2. Logiciel néideg ass fir déi dagdeeglech Aarbecht kënnen ze maachen.

*3. Duerch de PID kënnt et zu enger duebeler Comptabilitéit fir d'Dokteren/Zänndokteren (Verrechnung mat de Patienten, Verrechnung mat der CNS). Dëst féiert zu enger zousätzlecher administrativer Charge a weiderem Zäitopwand bei den Dokteren/Zänndokteren an/oder hire Mataarbechter. Wat gedenkt d'Regierung am Kader vun der „Simplification" an deem Sënn ze maachen?*

Duerch de PID gëtt d'Part statutaire direkt vun der CNS un den Dokter/Zänndokter iwwerwisen. Well déi assuréiert Persoun hir Participatioun direkt bezilt, brauch den Dokter/Zänndokter weder e Suivi vun de Paiementer ze maachen, nach Rappeller un déi concernéiert Patienten ze schécken, wat eng administrativ Entlaaschtung bedeit.

Fir d'Fluiditéit vun de Paiementer ze garantéieren an de finanziellen Impakt fir den Dokter/Zänndokter sou niddreg wéi méiglech ze halen, réit d'CNS dësen un op en Editeur an eng Fiduciaire zeréckzegräifen deenen hir Programmer compatibel sinn an esou eng Ofstëmmung vun den Paiementer erméiglechen.

*4. Laut der Äntwert vun der Madamm Gesondheetsminister op d'parlamentaresch Fro N°420 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement, läit den Delai momentan bei 46 Deeg bis zum Remboursement vum Patient. Wéi ass beim PID momentan den Delai bis den Dokter/Zänndokter seng Déngeschtleeschtung bezuelt kritt? Wéi een Delai gëtt sech theoretesch erwaart, wann all d'Dokteren an Zänndokteren den PID asetze géingen? Garantéiert d'CNS e gewëssen Delai beim PID, vu datt d'Dokteren/Zänndokteren am Prinzip d'Sue fir hir Déngeschtleeschtung virstrecken?*

Den Dokter/Zänndokter kritt bannent 48 Stonnen d'Part statutaire iwwerwisen nodeems d'Preuve de paiement agaangen ass, respektiv den nächste Schaffdag wann den Delai op e Week end oder Feierdag fällt.

D'CNS verfügt ënnert anerem iwwert déi néideg Outils'e fir SEPA Virement'e bannent Sekonnen ze realiséieren, 24 Stonnen op 24, 7 Deeg op 7, an dëst ouni zousätzlech Frais'e fir den Dokter/Zänndokter.

*5. Am Kader vum PID geschitt den Austausch vun de Patientendonnéeën tëscht dem Dokter/Zänndokter an der CNS, an net wéi bis elo tëscht dem Patient an der Krankekees. De Patient ass awer den eigentlech Versécherte bei der Krankekeess an decidéiert selwer, wat hien erareeche wëll oder der Krankekees matdeele wëll. Gëtt am System vum PID de Patient net iwwergaang an ass dat GDPR-konform?*

De System vum PID léisst dem Patient de fräie Choix ob en d'CNS informéiere wëll oder net. Et besteet effektiv keng Obligatioun fir de PID an Usproch ze huelen, weder fir de Versécherten, nach fir den Dokter. Wann den Assuré also keng Informatioun un d'CNS wëll weiderleeden, kann hie, wéi gewinnt, d'Doktersrechnung bei sengem Dokter ganz bezuelen a selwer decidéiere fir d'Rechnung un d'CNS ze schécke fir rembourséiert ze ginn.

*6. Considéréiert d'Regierung fir op dee vun der AMMD (Associatioun vun den Dokteren an Zänndokteren) ausgeschafften DHN (Digital Health Net) zeréckgräifen? Wann nee, firwat net?*

D'Digitalisatioun am Gesondheetsberäich ass eng grouss Prioritéit fir d'Regierung, déi all Initiativ encouragéiert déi dozou bäidréit fir d'Digitalisatioun no vir ze dreiwen. An deem Sënn huet d'Regierung enk mat der CNS zesummegeschafft fir den Asaz vum PID ze accéléréieren. Den DHN huet de Moment eng Attestation de conformité fir en accéléréierte Remboursement ze erméiglechen. Aktuell lafen och Gespréicher iwwert d'Weiderentwéckelung vum "écosystème numérique" dee vum DHN entwéckelt gouf, dëst am Sënn vum Virundreiwe vun der Digitalisatioun. (2024-04-25-circulaire-pid-m3s-ammd-cns.pdf)

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez